# LOUTRES NEWS



Jan, Feb Nummer 3/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

## Alles Guddes am Neie Joer









LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL


Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°03 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.


| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Chefen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegen Drock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Jacoby<br>17, rue des Champs<br>L-7521 Mersch<br>Tel: 691631616 |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch<br>**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000** |


| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:





**Fro einfach bei dengen Chefen**

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

# Beaver



**Salut Beaver!**
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz
an sidd lo voller Motivatioun fir an dat neit Joer ze starten.

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00.
Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhänngech vum Wieder
dofir dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn
an fest Schung.

## Programm vum 2. Trimester

12. Januar: Versammlung

19. Januar: Versammlung

26. Januar: Sortie Schlittschung

02. Februar: Versammlung

09. Februar: KENG Versammlung

**16-23. Februar: Vakanz**

02. März: Versammlung Fuesparty, komt verkleed

09. März: Schwammversammlung

16. März: Versammlung

23. März: Bonne Action

30. März: Versammlung

**06.Abrëll: Vakanz**

06-08.Abrëll: Camp 50 Joer Loutres

Wann 's du net an d 'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.

**Deng Chefen:**


Malak (Paul) 621157585
Barry (Jacquie) 621433486
Hawky (Martine)

# Wëllefcher

# Programm vum 2. Trimester

**Salut Wëllef !**

**Et erwaart dech also nach vill Spaass, denk drun dech unzemellen fir näischt ze verpassen.**

| | |
|---|---|
| 02.-05.01.19: | Kreschtcamp |
| 12.01.19: | Versammlung |
| 19.01.19: | Versammlung |
| 26.01.19: | Sortie Schlittschung |
| 02.02.19: | Versammlung |
| 09.02.19: | Versammlung |
| **16.02 – 23.02** | **Fuesvakanz** |
| 02.03.19: | Versammlung – Fuesparty (mat Verkleedung kommen) |
| 09.03.19: | Versammlung |
| 16.03.19: | Sortie |
| 23.03.19: | Versammlung |
| 30.03.19: | Versammlung |
| 06.04. 12.04.19: | Camp 50 Joer Loutres |

**Wanns du Samstes net kommen kanns dann si mer frou wanns de dech bei engem Chef ofmells.**

---

**DENG CHEFFEN:**


| | |
|---|---|
| Andre Jorge CM | 621 715 985 |
| Yannis Demoutiez ACM | 691 859 430 |
| Cassandra Tousch ACM | 621 400 731 |
| Vic Jacoby ACM | 691 63 16 16 |

**Scouten a Guiden**

# 2.Trimester Programm Scouten 2019

| | |
|---|---|
| 12 Januar | **Schwammversammlung**<br>RDV 14:00 a Retour 16:00 bei der Schwemm zu Miersch um Krounebierg – 5 Euro a Schwammsaachen matbrengen |
| 19-20 Januar | WE Italia |
| 26 Januar | Schlittschongsortie |
| 2 Februar | Versammlung (Formatioun) |
| 9 Februar | Versammlung |
| **16-23 Februar** | **Fuesvakanz** |
| 2 März | Versammlung Fuesparty<br>(verkleed an Versammlung kommen) |
| 9 März | Versammlung |
| 16 März | Versammlung |
| 23 März | Versammlung |
| 30-31 März | Scouts Orienteierungslaaf |
| 6-12 Abrell | 50 Joer Loutres Camp |

Versammlungen sinn Samsten Mëttes vum **14:00** bis **16:00** bei eisem Home zu Miersch.Falls du enkeier Samstes **net kanns kommen** waeren mir freu wanns du dech **am viraus ofmells (per Mail oder Sms bei engem Chef)**, damat mir eis Versammlung och kennen genaust plangen. **Merci!**

**Lénks Patt,**

**Deng Scoutscheffen**


| | | |
|---|---|---|
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Claire Merenz ACT | 661929592 | claire.merenz@hotmail.com |

Scouten a Guiden

# WEEKEND ITALIA

Moien léif Scouten,

Ech hoffen dier haat all en gudden Start an dat néit Joer 2019!

Fir dass dat néit Joer ëmsou besser ufänkt, invitéieren ech iech am Kader vun menger Cheffen-Formatioun op mäin Weekend am Thema Italien.

**Wéini:** 19.-20. Januar 2019

**Rendez-vous:** 14:00 op der Mierscher Gare an Uniform

**Retour:** 16:00 zu Beggen beim Home St Christophe

**Präis:** 25€ ze iwwerweisen bis den 12 Januar op den Kont Les Loutres Scouts Branche CCPL: **LU94 1111 2051 4587 0000**

**Wat mathuelen:** Alles wat e gudde Scout fir en Weekend brauch (Schlofsak, Biergschong, Ersatzgezei, Wäsch Saachen, Gamelle, asw...)

**Umellen:** bis den 12. Januar op: **desiree.tousch@gmail.com** oder iwert eis Webpage

Ech hoffen Iech zu vill do kennen ze begréissen!

Lenks Patt,

Désirée Tousch, an déi ganz Cheffen-ekipp

Leif Explorer,

Fir unzefänken, ierch alles Guddes am neien Joer 2019!

Fir dass dat neit Joer sou gudd ugeet, wei dat aalt opgehal huet, hei den gudd geféllten Programm:

| | |
|---|---|
| 02.-05. Januar | Chrëchtcamp |
| 13. Januar | Explorer Sportsdaag |
| 19.-20. Januar | Weekend mat den Scouten |
| 26. Januar | Schlittschongsortie |
| 02. Februar | Versammlung 16-18h |
| 09. Februar | Versammlung 16-18h |
| **16.-23. Februar** | **VAKANZ** |
| 02. März | Fuesparty 14-16h |
| 09. März | Versammlung 16-18h |
| 16. März | Keng Versammlung! |
| 23. März | Versammlung 16-18h |
| 30. März | Versammlung 16-18h |
| 06.-12. Abrell | 50 Joer Camp Aachen |

Falls eppes sollt änneren, gidd dir dat mat Zait gewuer.

Wei ëmmer gëllt et sech oofzemellen, wann een net kann kommen!

Bescht Scoutsgreiss,

Deng Explorer-Cheffen

Louis – RUE (621224079)
Michel – RUE
Paul – ARUE
Pierre - ARUE



**Léif Explorer an Exploretten**,

**Et ass rëm sou wäit, den Explorer Sportsdag** steet virun der Dier, an zwar **den 13.01.2019 bei den Mamer Wiselen.**

Dir kennt Iech de ganzen Dag mat deenen aneren Unitéiten aus dem Land a verschiddenen Sportaarten moossen.

Dat ganz fënnt statt an der **Haal vun der Primärschoul zu Capellen (Adresse: 45, route d'Arlon L-8310 Capellen) vun 9h30- 17h00.**

Fir d'Mëttegiessen suergen d'Wiselen. D'Onkäschten belafen sech op **5€ an ginn op der Platz bezuelt**.

**Dir kennt iech elleng oder als Unitéit** (min. 6 Explorer) **bis den 07.01.2019** iwwert explorer@fnel.lu umellen.

Matbrengen sollt dir är Sportskleeder, Turnschong, Duschsaachen, e Wasserbidon an en **Ekippen T-Shirt**.

Lenks Patt

är Explorer Ekipp



# Sortie Schlittschung

**Léif Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer a Rover**

Eng beléiften Gruppesortie as eis Sortie op d'Äispist.

Och wann mir dëst Joer weder Schnéi nach Äis um Kreschtweekend gesinn hunn, maachen mir eis erëm e flotten Nometteg op der Äispist.

Mir wärten dofir op Beefort fueren.



Weini: RDV den **26. Januar 19 um 13:30 op der Gare zu Miersch**

Retour: de selwechten Daag um **17:00** op der Gare Miersch

Prais: 10 Euro wann s du Schlittschung hues. –Wann s du keng Schlittschung hues dann kascht et dech 3 Euro weider (13 Euro) fir der ze léinen

Mathuelen: däin Foulard an eventuell e bessi Täschegeld, Schlittschung wanns du der hues (wann net muss du deng Schunggréisst kennen)



Umellen: Bis den **22. Januar**
- mam Umeldeformulär op www.scouts-loutres.lu oder
- klassesch Teln: 621 662 114 (no 17:00 Auer beim Jenni V.)

D' Cheffenequipe

# Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten ewéi Pow Wow, Sortien, Camps oder Weekend'er doen mir eis Uniform un. Fir dass du wees, ewéi eng Tip-Top Uniform ausgesäit, hu mir elo hei eng kleng Erklärung ginn.
Hues du nach Froën ? Dann kanns du gären däin Chef froen, dat hien dir alles erklärt waat's du nach wëssen wëlls.




Am Loutres Shop bei eis am Home kriss du Gruppensaachen ewéi: T-Shirt, Softshell, Kaap.... Du kriss alles waat mat de Loutres ze dinn huet, awer och Kniet fir däin Foulard, Scoutsbichelcher ewéi och de Vademecum.

Fir däin Uniformshiem ze kaafen, muss du an d'FNEL op den Cents fueren. Hei kriss du awer och allerhand Campengsgeschier.